Gréiwemaacher de 25. November 2020

ALLGEMENG HOMESCHOOLING-REGELEN AM MLG

- Fir all Cours gëtt – gläich um Ufank vun der Stonn – iwwer TEAMS Kontakt mat der Klass (all de Schüler) opgeholl.
- Wärend den éischte Minutte ginn dann och d'(online-)Präsenze vun de Schüler geholl.
- Den Enseignant riicht säi Cours, esou wäit dat méiglech ass, op eng TEAMS-Sëtzung aus a schafft interaktiv mat de Schüler. Déi eenzel Schüler solle vun Zäit zu Zäit konkret ugeschwat an esou an de Cours agebonne ginn.
- Wärend dem Cours si natierlech och Stëllaarbechten (Aufgaben, Exercicer, ...) vun de Schüler erlaabt. Den Enseignant an d'Schüler sinn awer ëmmer „online", am Fall wou Froen opdauchen.
- Zum Schluss vun der Stonn ass eng „Ergebnissicherung" gewënscht, d.h. d'Schüler musse weisen (oder z.B. op OneDrive eroplueden) wat si an där Stonn / an deem Cours geschafft resp. verstanen hunn.
- Et geet net duer, de Schüler einfach eng Aufgab an d'Klassebuch ze schreiwen oder en „Assignment" op TEAMS ze ginn, déi si dann zu engem bestëmmten Datum mussen ofginn !

Am Prinzip hunn d'Enseignante vum MLG d'Méiglechkeet, beim Enseignement à distance vun hirem übleche Klassesall hei am Lycée ze profitéieren.

Den Enseignant kann awer och de Video-Cours vun enger anerer Plaz (z.B. vun doheem aus) halen.

- Dësen alternative „lieu de travail" muss awer kompatibel si mam Recht vum Enseignant sengem Stonneplang, d.h. den Enseignant dierf déi Stonn direkt virum bzw. direkt nom Video-Cours kee Cours „en présentiel" hei am Gebai hunn, well et jo zäitlech muss méiglech sinn, den Trajet (tëschent der Schoul an där alternativer Aarbechtsplaz) baussent de Cours-Zäiten ze maachen.
- Och muss dëse „lieu de travail" der Direktioun virdru matgedeelt ginn, fir datt dëst am (Web)Untis vermierkt ka ginn. Doduerch kann dann och am Lycée, wann et néideg ass, vun deenen zousätzlech fräie Raimlechkeete profitéiert ginn. Deelt also an deem Fall w.e.gl. dem Direktiounssekretariat (secretariat.direction@mlg.lu) **esou séier wéi méiglech** déi Stonne mat, wärend denen Dir net an ärem Klassesall sidd, mat der **Indikatioun vun der Plaz**, vu wou aus dir enseignéiert.

  N.B. : Et geet hei och ëm den Objet „Assurance a Responsabilitéit".

D'Direktioun vum MLG

B.P. 29
L-6701 Grevenmacher
Tél.: 75 06 65 - 0
Fax: 75 06 65 - 52 00
www.maacherlycee.lu
secretariat@mlg.lu